

Wéi huelen ech e Rendez-vous?

Dir rufft einfach bei eis un
(247-73100) oder maacht eis eng
E-Mail (service-psychosocial@csqt.etat.lu).
Mir proposéieren lech dann esou séier wéi
méiglech e Rendez-vous bei eis am Service
(zirka eng Stonn).

Wann Dir eng Dispens vun Ärer Aarbecht wëllt,
kann de Service psychosocial lech e Certificat
fir Är Präsenz am Service ausstellen. Dir selwer
kënnt dat dann Ärem Virgesetzte ginn, den dunn
op fräiwëlleger Basis iwwert Är Fräistellung
decidéiert. Vum Service psychosocial aus gi
keng Informatiounen un Äre Virgesetzten.

Wann Dir net wëllt an Ärer Administratioun
erzielen, dass Dir bei eis waart, misst Dir lech
via Congé oder Horaire mobile arrangéieren.

KONTAKT

Service Psychosocial

35, rue de Bonnevoie
(INAP-Gebai, 3. Stack)
L-1260 Luxembourg

T (+352) 247-73100

E service-psychosocial@csqt.etat.lu



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

Psychologesch Berodung

De Service psychosocial bitt all
Persoun, déi beim Staat schafft, eng
vertraulech a gratis Ënnerstëtzung bei
aarbechtsbedéngten oder perséinleche
Problemer un.



 **Qualité de vie
au travail**

Mir beroden lech zum Beispill a folgende Beräicher:

Problemer op der Aarbecht: Chronesche Stress, Konflikter, Belästegung, onkloer Aufgaben ...

Onwuelsinn: Ängschten, Depressioun, Liewensmiddegkeet ...

Familiär Problemer: Konflikter, Trennung, Gewalt, Enttäuschungen ...

Problemer mat Ofhängegkeet: Alkohol, Drogen, Medikamenter, Spillsucht ...

Traumatesch Situatiounen: Aggressiounen, Konfrontatioun mat engem onerwaarten Doudesfall ...

Encadrement vun enger Persoun am Leed op Ärer Aarbecht

Muss et engem ganz schlecht goen, fir e Rendez-vous beim Psycholog ze froen?

Nee!

Heiansdo hänt e einfach fest. Eis Psychologe bidden lech d'Méiglechkeet, lech fräi auszedrécken, ouni dass et dobäi Tabue ginn. Duerch déi gemeinsam Analys vun de schwierigen Situatiounen kann ee méi Kloeerheet gewannen an zesummen nei Léisungssiddien entwéckelen.

D'Léisungsvirschléi ginn an all Richtung – dat muss net direkt eng psychotherapeutesch Begleedung sinn.

Et geet also virun allem ëm:

Nolauschteren am Respekt

Versteesdemech an Analys vun der Situatioun

Berodung an och konkret Ënnerstëtzung wann néideg

Bei Bedarf gi mir lech och Kontakter an Adressen vun anere Servicere, déi vläicht méi spezifesch op Är Froen kéinten äntweren.

Muss ech mengem Virgesetzte soen, dass ech psychologesch Berodung froen?

Nee!

Déi ganz Equipe vum Service psychosocial ënnerläit dem Berufsgheimnis.

Domat ass séchergestallt, dass Äre Rendez-vous an den Inhalt vun Ärem Gespräch mam Psycholog vertraulich bleiwen. Am Kader vun der Berodung gi keng Informatiounen no bausen, ausser Dir selwer géift aneren dovun zielen.

